N°2949
Entrée le 29.09.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.09.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/09/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen, Bildung, Kanner a Jugend & Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

D'Hotelschoul (EHTL) huet am September ee weidere Campus am GridX zu Wickreng opgemaach a bezilt dofir ee Loyer am Gebai. Et gouf sech anscheinend un all d'Krittäre punkto Präis a Qualitéit gehalen an et gouf keng aner Offer fir d'Implantatioun ofgeleent. De geneeë Präis vum Loyer wollten d'Ministeren op meng Fro n°2498 net nennen a behaapten, dass de Loyer bei engem gängege Maartpräisser leit.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wat fir eng Krittäre punkto Präis a Qualitéit waren ausschlaggebend, fir beim GridX ze lounen an net op anere Plazen?
2. Wéi eng aner Plazen an Offeren huet de Finanzministère analyséiert an iwwerpréift?
3. Wat ass ee gängege Maartpräis fir dës Regierung?
4. Wéi vill Loyer bezilt d'Hotelschoul fir d'Locatioun am GridX?
5. Wéi vill Quadratmeter ginn hei gelouhnt a wéi eng Infrastrukturen a Mobilier bitt de GridX der Hotelschoul?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, a vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2949 vum 29. September 2025 vum éierbaren Deputéierten, Marc Goergen iwwer de « Site supplémentaire de l'École d'Hôtellerie et de Tourisme du Luxembourg »**

**1. Wat fir eng Krittäre punkto Präis a Qualitéit waren ausschlaggebend, fir beim GridX ze lounen an net op anere Plazen?**

**2. Wéi eng aner Plazen an Offeren huet de Finanzministère analyséiert an iwwerpréift?**

Wéi schonn an der Äntwert op d'Fro Nr. 2498, resultéiert d'Intentioun vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, fir d'Hotelschoul (EHTL) zu Wickreng unzesidelen, aus der Iwwerleeung, datt et fir den HORECA-Secteur vu grousser Bedeitung ass fir, niewent dem Standuert Dikrech, eng weider Offer am Beräich vun dem Hotelmanagement, der Restauratioun, der Hospitalitéit an dem Tourismus am Süde vum Land unzebidden, fir méi Apprenantë kënnen auszebilden. De Projet vum GridX huet de Virdeel, datt d'Raimlechkeeten direkt konnten de Besoins vun der EHTL entspriechen, ouni datt gréisser a laangwiereg Ëmbauaarbechten hätte misse getätegt ginn. Niewent der geographescher Situatioun an de Realisatiounsméiglechkeeten, waren d'Krittäre vum Präis an d'Anhale vun de Sécherheetsbestëmmungen (ITM) ausschlaggebend fir de Projet.

**3. Wat ass ee gängege Maartpräis fir dës Regierung?**

De Maartpräis variéiert vu Regioun zu Regioun. Mä soll sech net ausserhalb vun enger Forschette beweegen, déi de Staat sech gëtt.

**4. Wéi vill Loyer bezilt d'Hotelschoul fir d'Locatioun am GridX?**

**5. Wéi vill Quadratmeter ginn hei gelouhnt a wéi eng Infrastrukturen a Mobilier bitt de GridX der Hotelschoul?**

De Staat lount ëm déi 5.000 m2 fir d'Hotelsschoul fir ee monatlechen Duerchschnëttspräis vun 21€/m2.

Lëtzebuerg, de 6. November 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth